

déi Lénk

Communiqué

Luxembourg, le 30 novembre 2022

Erëffnung vum Suessemer Prisong

D'Noutwendegkeet vun engem Ëmdenken am Strofrecht an dem Strofvollzuch

Den 30. November 2022 ass déi offiziell Erëffnung vum neie Prisong zu Suessem, dee Plaz fir bis zu 400 Persounen huet. An dësem Kontext erënneren déi Lénk, datt d'Zil ëmmer si muss, manner Prisonéier.innen amplaz méi Zellen ze hunn. Déi bescht Präventioun géint Kriminalitéit a Gewalt ass d'Reduktioun vun de sozialen a ekonomeschen Ongläichheeten. Donieft muss d'Strofrecht an de Strofvollzuch reforméiert gi – d'Stéchwuert hei ass zum Beispill d'Drogepolitik. Am Allgemenge muss méi op Alternativen zum Prisong zeréckgegraff ginn an de leschtgenannten nëmmen als allerlescht Konsequenz ugesi ginn. Aktuell feelt et och un adaptéierte Strukturen fir déi Zäit no enger Prisongsstrof, wat de Risiko vu Recidive fuerdert.

D'Strofrecht an den Strofvollzuch sinn d'Äntwert vun der Gesellschaft op Verstéiss géint gemeinsam Reegelen, allerdéngs ginn Aspekter wéi déi sozial an ekonomesch Ongläichheeten momentan net genuch an Betruecht geholl. **An enger Gesellschaft wou d'Schéier téscht Aarm an Räich ëmmer méi grouss gëtt an wou Ongläichheeten reproduzéiert ginn,** riskéieren verschidden Formen vun Gewalt zouzehuelen. Dobäi sinn ënnert anerem d'Abannung an d'gesellschaftlecht Liewen, Perspektiven op eng Aarbecht, eng Wunneng an eng stabel Situatioun, d'Fundament fir Kriminalitéit a Gewalt proaktiv ze verhënneren.

D'Noutwendegkeet vun engem Ëmdenken am Strofrecht an dem Strofvollzuch gëtt mam Beispill vun der aktueller Drogepolitik däitlech. D'järelech Zuelen am « *SPACE I* » Rapport vum Conseil de l'Europe weisen, datt 2021 eng 17.7% vun de Prisonéier.inne wéinst Infraktiounen am Zesammenhang mat Drogen am Prisong souzen. Déi meescht dovunner sinn allerdéngs kéng grouss Fësch am Beräich vun der Drogekriminalitéit. Doriwwer eraus ass fir Mënsche mat Suchtproblemer, déi ofrutschen an d'Beschaffungskriminalitéit, de Prisong definitiv déi falsch Plaz. **Generell gesinn hunn net nëmmen déi lescht Joer däitlech gewisen, wéi wéineg positiv sech eng restriktiv Drogepolitik op d'Gesellschaft auswierkt.**

An wat ass eigentlech mat Verhale wéi der Wirtschaftskriminalitéit, déi zwar op den éischte Bléck net ëmmer direkt erkennbar ass, awer der Gesellschaft immens vill schued ? Verfollegen a bestrofe mir als Gesellschaft dës Verhale genee sou konsequent ? Nee, eben net. Mir hunn et mat enger zwou Klasse Justiz ze dinn.

Dofir ass fir déi Lénk evident, datt een déi beschriwwe Verstéiss net duerch ëmmer méi streng Gesetzer, méi Police a méi Gefängnisser verhënnert. **D'zentral Fro ass déi vun enger gerechter a sozialer Politik, mat staarke soziale Rechter fir jiddereen.**

D'Untersuchungshaft dierf nëmmen als lescht Konsequenz ugewannt ginn. Fir déi aner Fäll si manner aschneidend Moossname méi sënnvoll, zum Beispill de Bracelet électronique an d'Hannerleeung vun Identitéitsdokumenter.

Generell muss d'Stroferecht an de Strofvollzuch reforméiert ginn, mat dem Zil proportionell an effektiv op bestëmmte Verhalen ze reagieren. Eng Strof muss den entscheidenden Zweck erfëllen, déi sou effizient wéi méiglech Reinsertioun vun der verurteelter Persoun an d'Gesellschaft ze erméiglechen. Den héijen Taux vu Leit déi no der Prisongsstrof nees réckfällig ginn oder esouguer méi graven Infraktiounen beginn, ass alarmierend a weist, datt Ewechspären a ville Fäll keng Léisung ass. Fir vill Situatiounen sinn Alternative wéi zum Beispill gemengnëtzeg Aarbecht méi effektiv.

D'Untersuchungshaft dierf nëmmen als lescht Konsequenz ugewannt ginn. Fir déi aner Fäll si manner aschneidend Moossname méi sënnvoll, zum Beispill de Bracelet électronique an d'Hannerleeung vun Identitéitsdokumenter.

Generell muss d'Stroferecht an de Strofvollzuch reforméiert ginn, mat dem Zil proportionell an effektiv op bestëmmte Verhalen ze reagieren. Eng Strof muss den entscheidenden Zweck erfëllen, déi sou effizient wéi méiglech Reinsertioun vun der verurteelter Persoun an d'Gesellschaft ze erméiglechen. Den héijen Taux vu Leit déi no der Prisongsstrof nees réckfällig ginn oder esouguer méi graven Infraktiounen beginn, ass alarmierend a weist, datt Ewechspären a ville Fäll keng Léisung ass. Fir vill Situatiounen sinn Alternative wéi zum Beispill gemengnëtzeg Aarbecht méi effektiv.